

Rapport Referees Commission 08 August 2017

Uwiesend: Ney, Geib, Keiffer, Simonelli, Weber, Weinzierl, Nesser, Schmitt

Entschellegt:

1. Adoptioun vum Rapport vum 06.06.2017

De Rapport ass approvéiert. (*Le rapport est approuvé.*)

2. Projet "Arbitrage" mat aanere Verbänn (FLVB, FLBB, FLF, FLTT)

De F. Keiffer erkläert, dass de Weekend vum 30.9 - 01.10 eng grouss Aktioun "Journée de l'Arbitrage" ass. Virun all Nationaldivisiounsmatch gëtt do eng Fairplayried gehaal, a verschidden aner Aktiounen och iwwert Televisioun a Radio si geplangt. Dofir as den 02.09 en Fototermin an den 09.09 en Dréidaag fir e Film fixéiert ginn. De 25.09 ass eng Pressekonferenz vun de Presidente vun all Verband. (Une journée de l'arbitrage aura lieu le weekend du 30.09 au 01.10. Diverses actions sont prévues. Une photo sera prise le 02.09 et un petit film sera tourné le 09.09. Une conférence de presse avec les présidents des fédérations aura lieu le 25.09.17)

3. Waat as erlaabt a waat net, néi Detailler vun der IHF

Den 01.08.2017 huet d'IHF nei Explikatioune betreffend Protektoren an Accessoires erausginn. Des deelweis néi Interpretatioune fannt dir um Internetsite www.flh.lu ënnert dem Onglet "Arbitrage: Règles-Rules". Wichtig: Wann Onsécherheete sinn, schéckt eis eng Foto mat enger kuerzer Beschreibung vum Protektor. Sinn z.Bsp. Stangen aus Metall dran, sinn se prinzipiell verbueden! Wat d'eenheetlech Fuarwen vun Fousprotektoren an Strëmp (héich/niddreg) ugeet, gi mir de Veräiner a Spiller bis de Play-off Zäit, sech de Reegelen entspreechend ze equipéieren. Ab Enn Februar müssen d'Equipe all déi selwecht Strëmp hun. Mir empfeelen awer fir déi Clibb déi europäesch spillen, dës Reegel fréizäiteg ëmzesetzen, fir eventuell Problemer am Europapokal aus dem Wee ze goen. (Des nouvelles instructions et explications ont été distribuées par l'IHF. Vous trouvez ses interprétations au site www.flh.lu onglet arbitrage - règles/rules. Les clubs sont priés de contacter la Refcom en cas de questions. Concernant la hauteur et la couleur des chaussettes et des protecteurs au pied, la Refcom accorde un délai jusqu'au début du playoff. Toutefois les clubs qui jouent en coupe d'Europe sont priés de respecter le règlement afin d'éviter des problèmes.)

4. Formatioun C am Juli

De P. Simonelli hat e Cours fir den C-Schäin vum 7.-9. Juli an der Coque organiséiert. 13 Kandidate waren present. D'Refcom hat sech en Ziel vu ronn 30 Kandidate gesat. Och d'Ziel, eeler an erfuere Spiller ze rekrutéieren as trotz Bréif un d'Veräiner domat leider verfeelt ginn. (*Patrick Simonelli a organisé une formation „C“ du 07 au 09 juillet dans la Coque. 13 candidats, loin de notre objectif de 30 candidats, étaient présents. Le but, de recruter aussi des joueurs expérimentés, est raté complètement.*)

5. Arbitterformatiounen 2017/2018

De P. Simonelli organiséiert eng Formatioun den 21.10 vun 09h30 bis 12h00 um INS/Sportlycée. D'Präsenz vun all Arbitter as obligatoresch! (P. Simonelli organisera une formation pour tous les arbitres le 21.10 de 09h30 à 12h00 à l'INS. La présence de tous les membres du corps arbitral est obligatoire.)

6. Rappel : Test Luc Léger an Regeltest fir d'Saison 2017-2018

Zweeten Test fir nächst Saison as folgendermoosse virgesinn :

16.09.2017 09h30 um INS

All Arbitter muss den Regeltest bestoen! (Laftest just fir Arbitter Nationaldivisioun Dammen an Hären) Arbitter déi Pilier 9,5 oder besser lafen, brauche keen 2. Laftest an der Saison ze maachen. Arbitter déi 95 % oder besser am Regeltest hunn, brauche keen zweeten Regeltest an der Saison virum Playoff ze maachen. (*Tous les arbitres doivent réussir un test sur le règlement ! (shuttlerun seulement pour les arbitres de la division nationale hommes et dames). Si vous courez pilier 9,5 au test Luc Léger ou mieux et/ou si vous avez un taux de réussite de 95% ou plus, un 2^e test Luc Léger et/ou un 2^e test théorique avant le play-off est inutile.*)

7. Veräinsvertrieder an der Referees Commission

D'Refcom hat en Opruff un d'Veräiner gemaach fir 2 néi Veräinsvertrieder (e Veräinsvertrieder däerf laut Reglement net Arbitter/Delegéiert sinn) fir eis Kommissioun an der Assemblée générale den 01.07.17 virzeschloen. De J. Ney bedauert dësen Desintressi vun de Veräiner um Arbitterberäich, a fuerdert an Zukunft méi streng op Kritik um Corps Arbitral mat disziplinaresche Mossnahmen ze reagieren. (*La Refcom a fait un appel aux clubs de proposer 2 nouveaux représentants des clubs (suivant règlement pas arbitre et/ou délégué) à la commission. J. Ney regrette le désintérêt des clubs et demande de réagir avec des sanctions plus sévères aux futures critiques des clubs au corps arbitral.*)

8. Cours Secrétaires/Chronomètres

Am Oktober gëtt e Cours organiséiert. Detailer ginn am September festgeluecht. (Un cours sera organisé en octobre. Les détails suivront en septembre !)

9. Nouveau règlement de la saison 16/17 (Formule jeunes)

D'Refcom erënnert drun, dass dat néit Reglement vum lëschte Joer (3 Team-Time-Outs, Fuarw Ennerkleeder/Thermoskleeder, Blesséierte Spiller 3 Ugrëffer aussetzen) dëst Joer a folgende Kategorien ugewannt gëtt: Nationaldivisioun, Promotioun, U21 an U17. (La Refcom rappelle que le nouveau règlement (3 Team-time-outs, couleur maillots et sous-vêtement, 3 attaques joueur blessé) sera appliqué dans les catégories suivantes : Division nationale, Promotion, U21 et U17).

10. Neie Buedem zu Uewerkuer, Schëffleng an Remeléng

Fir d'Konformitéit vun de néien Terrain zu Uewerkuer, Schëffleng a Remeléng ze bestätegen, schléit d'Refcom fir dass d'Veräiner e RDV ufroe bis spéitstens den 10. September. (Veuillez prendre un rdv avant le 10 septembre afin de confirmer la conformité de vos nouveaux terrains.)

Nächst Versammlung: Dënschdeg den 19. September um 18:15.

Ordre du jour

- 1. Adoptioun Rapport 08.08.17**
- 2. Néi Tariffer Nationaldivisioun**
- 3. Formatioun Tuteurs JA**
- 4. Datum Cours Secrétaire/Chronométréur**
- 5. Headsets**